

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2023

Här Fernand ETGEN  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieten ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung weiderzeleeden:

*„Bei der Sir zu Menster gi Waasserbüffelen agesat fir d'Biodiversitéit ze stäerken. Et ass an der Vergaangenheet dozou komm, dass dës Waasserbüffele sech awer och am Waasser gewäsch an ofgekillt hunn.*

*An deem Kader wollt ech der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung folgend Froe stellen:*

- Wéi een Afloss huet d'Präsenz vu Waasserbüffelen an a ronderëm d'Sir op d'Waasserqualitéit ?*
- Wéi eng Mesurë goufe geholl, respektiv wäerte geholl gi, fir d'Waasserqualitéit vun der Sir an dësem Fall ze schützen ?*
- Wéi ee Bilan zitt d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung vun der Präsenz vu Waasserbüffele laanscht d'Sir ?*
- Ginn et Alternativen zum Asaz vu Waasserbüffelen ? Wa jo, wat ass den Impakt vun dësen Alternativen op d'Ëmwelt am Verglach zu Waasserbüffelen ? “*

Mat déiwem Respekt,

Gusty Graas  
Deputéierten

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu